MOVE TOGETHER

"Move Together" ass e Projet fir inklusiv Fräizäitaktivitéiten op der Base nautique zu Lëlz. D'Iddi dofir ass zesumme mam Service Loisirs vun der COOPERATIONS asbl vu Wolz entstanen, fir den Utilisateuren nei a spannend Aktivitéiten ze proposéieren.

Zesumme bewegen !

5 Jonker aus enger Jugendariichtung (MJ, Veräin, Scouten,…) a 5 Leit aus engem betreitene Service (Centre de Loisirs, asbl, Atelier Protegé, CPP, Ediff,…) deelen iwwert e ganzen Dag 2 flott Aktivitéite mateneen.

Moies gëtt mat gemeinsamer Kraaft e grousse Kanu iwwert de Stau beweegt a mëttes kann an zweeer Teams en flotten Tour um Kayak gepaddelt gin! D'Aktivitéite ginn ëmmer vun 2 erfuerene Moniteure vum SNJ encadréiert.

D'Aktivitéite riichten sech un Institutioune mat Jugendlechen a jonken Erwuessenen ab 15 Joer a sinn sou ausgewielt, dass se fir jiddereen eng Erausfuerderung kënne sinn, a fir keen eng Iwwerfuerderung !

Zil ass et, iwwert net alldeeglech sportlech Aktivitéite jonk Mënschen ouni a mat Behënnerung zesummen ze bréngen. Dëst ass eng Méiglechkeet sech iwwert en flotten an aktive Wee op Aenhéicht ze begéinen.

Zesummen organiséieren !

D'Aktivitéite ginn ëmmer iwwert e ganzen Dag vun 10.00-17.00 Auer fir 2 x 5 Leit ugebueden. Déi méiglech Datumer sinn op **www.basenautique.lu** ze fannen.

D'Mëttegiesse soll e gemeinsam organiséierte Picknick sinn, deen um Site vun der Base nautique bannen oder bausse ka giess ginn. Wann et méiglech ass, kënnt dir och den Transport zesummen organiséieren.

De Präis vum ganzen Dag mat 2 Aktivitéite läit bei 120 € fir de ganze Grupp, deemno 60 € pro Ariichtung.

D'Umeldungen si mat der Fiche un → lultzhausen@snj.lu ze schécken !

BASE NAUTIQUE LULTZHAUSEN

Maison 2 • L-9666 Lultzhausen
Tél. : (+352) 247-86496 • Fax : (+352) 89 92 48
lultzhausen@snj.lu • www.basenautique.lu